



# POMPJEESVERBAND

## FLASH November 2020

Kolleeginnen a Kolleegen Pompjeeën am CGDIS,

- D' Versammlung vum Zentralvirstand den 19. November 2020 fält aus, amplaz fënnt eng Versammlung mat de fräiwëllege Instrukteren statt fir d' Opstellen vun enger Kommissioun déi den Usprichpartner vum CGDIS gëtt, virun ze bréngen.
- Op Ufro vun der Region Osten hu mir am Conseil d'Administration vum CGDIS nogefrot wat d' Unerkennen zu Lëtzebuerg vum COVID als "maladie professionnelle" ugeet, falls Agenten vum CGDIS sech am Service Commandé infizéieren a krank ginn.

De Generaldirekter Paul Schroeder huet eis matgedeelt, datt am Kader vun der Cellule de crise am Ufank vun der Pandemie festgehale gouf datt d'Agenten vum CGDIS op der Lëscht vun de Persoune stinn déi dofir a Fro kommen.

Wichtig ass hei drop hinzeweisen datt betraffe Leit sech sou séier wéi Méiglech bei der Maison médicale virtuelle vum CGDIS melle mussen.

Dëst gëtt vun der Direktioun och an enger nächster COVID-Note offiziell matgedeelt fir datt d' Informatioun iwverall bekannt ass.

- Den Inhalt an d' Organisatioun vun der Pompjeeszeitung sollen iwverschafft ginn fir de Lieser nach méi interessanten Conteneu kënnen ze bréngen.

Marc MAMER  
President

Sait 1 vun 1



[bureau@fnsp.lu](mailto:bureau@fnsp.lu)



28 55 641



[www.fnsp.lu](http://www.fnsp.lu)



<http://www.facebook.com/fnsp.lu/>



7, rue Chr. Plantin  
L-2339 Lëtzebuerg